Nummer 269
Juli 2024

# Kropemann info

d'Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng
Bulletin d'information de la commune de Redange/Attert



© SICONA - Angie SASSEL

www.redange.lu

L-8510 REDANGE/ATTERT
38, Grand-rue
Adresse postale: B.P. 8
L- 8501 REDANGE/ATTERT

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 2 | Inhalt |
| 3 | Wëssenswertes aus der Gemeng |
| 4-9 | Séance publique du conseil communal du 23 mai 2024 / AVIS |
| 9 | Klimapaktdag 2024 |
| 10-11 | Wichtig Matdeelung / Avis important |
| 12-15 | Verschidde Chantieren an der Gemeng Réiden |
| 16 | Vacance de poste |
| 17 | Geschäftsverband Réiden |
| 18 | Vulleschutz am Summer |
| 19 | Par Atertdall Sainte-CLAIRE |
| 20 | F.C. Préizerdaul/Réiden |
| 21 | Dëschtennis Nidderpallen |
| 22 | Réidener Schwämm |
| 23 | Petanque Turnéier zu Réiden |
| 24 | Nojemer Musik |
| 25 | Gudd Noperen vun Osper, Räichel an der Elz |
| 26 | Jugendkommissioun Réiden |
| 27 | Réidener Wanterlaf a.s.b.l. |
| 28 | Kulturkommissioun Réiden |
| 29 | Kropemannsfest a.s.b.l. |
| 30-31 | Kiermes zu Réiden |
| 32 | Braderie zu Réiden |





**Druck/Herausgeber:**
Gemeinde Redingen/Attert
***Kropemannkommission***
Philippe Faber, Monique Kuffer, Léon Huss, Majid Maki, Luc Pauly, Henri Thill.
**Sekretariat & Layout:** Philippe Faber & Tracé
**Tél.:** 23 62 24-1
**E-Mail:** kropemann@redange.lu

Kropemann-Info erscheint monatlich kostenlos.
Bitte alle Artikel für den «Kropemann-Info» bis zum **12. des Monats 12 Uhr** zukommen lassen.


© Copyright 2024

**Ausserhalb vun den Effnungszäiten vum Service Technique, ass e Service-Permanence ënnert dëser Nummer erreechbar:**

**23 62 24 - 66**

**Mir bieden iech just dës Telefonsnummer unzeruffen wann dir folgend Urgencen hutt:**

***1. Probleemer mam Waassernetz***
1. Kee Leitungswaasser méi
2. Schwankungen beim Waasserdrock
3. Eng Fuite am Waasserreseau vun der Gemeng

***2. Probleemer mam ëffentleche Kanal***
1. Haaptkanal blockéiert, mam Risiko, dass d'Ofwaasser erëm zréck an d'Haiser leeft.

***3. Dringend Probleemer an de Gemengegebaier***
1. D'Heizung en Panne
2. Stroumausfall no der Kontroll vun de Secherungen

## Gemeng Réiden
## Ëffnungszäiten

**Méindes bis Freides vun**
**8.00 Auer bis 11.45 Auer**

**a Mëttwochs vun**
**8.00 Auer bis 11.45 Auer a vun**
**14.00 Auer bis 18.00 Auer**

## Containerpark Réiden

**Tél: 26 62 09 13**

***Dënschdes bis Freides***
vun 09.00 Auer bis 11.45 Auer
a vun 13.00 Auer bis 17.00 Auer.

***Samschdes***
vun 09.00 Auer bis 16.00 Auer.

## Manifestatiounskalenner
## Juli 2024

*De 4., 5., a 6. Juli* Braderie zu Réiden.

*De 6. Juli* Réidener Grottekick fir de gudden Zweck.

*Den 13. Juli* Pallener OPEN AIR zu Nidderpallen.
- D'Final vum Wettrutschen zu Réiden an der Schwämm.

*Den 20. Juli* Petanque Turnéier am Worré-Park zu Réiden.

*Den 21. Juli* Grillfest zu Nojem.

*Den 28. Juli* Summerfest zu Osper.

## Offallkalenner

**Mëttwoch, den 3. Juli:** Hausoffall
**Freideg, de 5. Juli:** Biooffall
**Mëttwoch, den 10. Juli:** Valorlux
**Freideg, den 12. Juli:** Biooffall
**Méindeg, de 15. Juli:** Pabeiersammlung
**Mëttwoch, de 17. Juli:** Hausoffall
**Donneschdeg, den 18. Juli:** SuperDreckskë.
**Freideg, den 19. Juli:** Biooffall/Sperrmüll
**Mëttwoch, de 24. Juli:** Valorlux
**Freideg, de 26. Juli:** Biooffall
**Mëttwoch, den 31. Juli:** Hausoffall

# Séance publique du conseil communal du 23 mai 2024

## Approbation de l'ordre du jour.

1. Approbation de l'organisation scolaire 2024/2025, du Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) 2024/2025 et du Plan de développement de l'Etablissement Scolaire (PDS) 2024-2027 ;
2. HUIS CLOS : Propositions de réaffectation de personnel enseignant pour 1 poste d'instituteur/trice du cycle 2-4 de l'enseignement fondamental de la commune de Redange/Attert ;
3. HUIS CLOS : Démission d'un employé communal ;
4. Approbation d'actes, de contrats et de conventions ;
5. Lecture de l'état des restants pour l'année 2023 ;
6. Approbation de devis ;
7. Création d'un poste supplémentaire de salarié à tâche manuelle (anc. ouvrier communal) pour les besoins du service technique ;
8. Création de différents postes pour les besoins de la maison relais ;
9. Création d'une taxe relative à l'acquisition de plaquettes commémoratives pour le cimetière forestier ;
10. Introduction de tarifs pour l'organisation de la fête nationale ;
11. Allocation de divers subsides extraordinaires ;
12. Confirmation de règlements d'urgence pris par le collège échevinal ;

Toutes les décisions ont été prises à l'unanimité.

## Approbation de l'organisation scolaire 2024/2025, du Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) 2024/2025 et du Plan de développement de l'Etablissement Scolaire (PDS) 2024-2027

• Le conseil communal a provisoirement arrêté l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2024/2025.

La répartition des classes se présente comme suit :

| **Localité Siège école** | **Titulaire** | **Année d'études** | **Nombre d'élèves** |
|---|---|---|---|
| | | ***1er cycle*** | |
| Redange | OESCH Diane | 1er cycle-précoce | 14 |
| Redange | Création de poste | 1er cycle-précoce | 15 |
| | | | **29** |
| Redange | AGOSTA Tina | 1er cycle | 14 |
| Redange | SCHROEDER Annette | 1er cycle | 14 |
| Redange | WAGNER Laura | 1er cycle | 14 |
| Redange | WIES Natascha 1er cycle | | 14 |
| | | **Sous-total** | **56** |
| | | ***Total 1er cycle*** | ***85*** |

| Localité<br>Siège école | Titulaire | Année d'études | Nombre d'élèves |
|---|---|---|---|
| | | ***2e, 3 et 4e cycles*** | |
| | | ***2e cycle*** | |
| Redange | SCHMITZ Conny | 1 | 15 |
| Redange | ARENDT Benoît | 1 | 15 |
| Redange | LOPES PAIVA Johny | 2 | 16 |
| Redange | GIANNINI Sabrina | 2 | 16 |
| | | ***3e cycle*** | |
| Redange | ANTONY Lydie | 1 | 17 |
| Redange | SCHILTZ Désirée | 1 | 20 |
| Redange | MERGEN Luc | 2 | 16 |
| Redange | HEIRENS Sandra | 2 | 17 |
| | | ***4e cycle*** | |
| Redange | SCHOETTER Anne | 2 | 10 |
| Redange | SCHMIT Raoul | 2 | 13 |
| Redange | SCHRANTZ Eric | | 14 |
| Redange | MEYER Marie | | 11 |
| | | **Total 2e, 3e et 4e cycles** | **180** |
| | | ***Total 1ier, 2e, 3e et 4e cycles*** | ***265*** |

- Approbation du Plan d'Encadrement Périscolaire 2024/2025, élaboré par le comité d'école conjointement avec la char gée de direction de la Maison Relais ;
- Approbation du plan de développement scolaire (PDS) 2024/2027 ;

## *HUIS CLOS : Propositions de réaffectation de personnel enseignant pour 1 poste d'instituteur/trice du cycle 2-4 de l'enseignement fondamental de la commune de Redange/Attert*

Considérant le relevé des candidatures avec les priorités indiquées, le conseil communal propose à M. le Ministre de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, la réaffectation de M. Nicolas de SANTIS pour le poste du cycle 2-4.

## *HUIS CLOS : Démission d'un employé communal*

Il est accordé unanimement, démission honorable des fonctions à un employé communal de la Commune de Redange/Attert avec effet au 1er février 2025 avec la faculté de faire valoir ses droits à la pension.

## *Approbation d'actes, de contrats et de conventions*

• Approbation du 1er avenant au contrat de services du 4 mars 2021 concernant l'utilisation de la herse étrille communale, conclu en date du 12 février 2024 avec l'entreprise PLETSCHET d'Ospern, représentée par Mme Monique PLETSCHET-THILL ;
• Approbation du contrat de bail conclu, suite à une adaptation de la législation relative au logement abordable, avec Mme Martine WIRTH, domiciliée à L-8545 Niederpallen, 2 rue de Reichlange, concernant la location de l'ancienne maison curiale de Niederpallen, 2, rue de Reichlange, au prix de 446,58.- € par mois pendant la durée d'un an allant du 1 mai 2024 au 30 avril 2025.

## *Lecture de l'état des restants pour l'année 2023*

Décision du conseil communal :

| | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
|---|---|---|
| 1.d'admettre: | | |
| en reprises provisoires | 31.425,00.- | 0,00.- |
| en décharges | 2.854,29.- | |
| **T O T A L:** | **34.279,29.-** | **0,00.-** |

2. d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent au présent état avec la mention « à poursuivre ».

Approbation de devis

• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant la mise en conformité des arrêts de bus dans la « Grand-Rue » à Redange, la « rue de Noerdange » à Niederpallen et « Op der Schock » à Redange au montant total de 620.392,50.- € T.T.C. ;

• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant la réalisation d'une étude relative au réaménagement de la rue « Knaeppchen » à Redange au montant total de 84.766,50.- € T.T.C. ;
• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant les travaux de rénovation de la mairie au montant total de 515.970,00.- € T.T.C. ;

• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant les travaux de réaménagement du parking « Even » à Redange/Attert au montant total de 122.850,00.- € T.T.C. ;

• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant l'aménagement et la mise en conformité de 14 passages piétons dans la commune de Redange au montant total de 503.685,00.- € T.T.C. ;

• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant la construction d'un nouvel axe d'eaux pluviales dans l'Allée des Tilleuls et la rue de Beckerich à Redange/Attert au montant total de 614.250,00.- € T.T.C. ;
• Approbation du devis du 15 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant l'aménagement d'une vitesse 30km/h dans la « Grand-Rue » à Redange/Attert au montant total de 78.009,75.- € T.T.C. ;

• Approbation devis du 8 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant les travaux de rénovation du sous-sol du bâtiment de l'école fondamentale à Redange/Attert au montant total de 200.000,00.- € T.T.C. ;

• Approbation du devis du 8 mai 2024, établi par le service technique communal, concernant l'achat de mobilier scolaire pour l'école fondamentale de Redange/Attert au montant total de 107.000,00.- € T.T.C.

Création d'un poste supplémentaire de salarié à tâche manuelle (anc. ouvrier communal) pour les besoins du service technique

Approbation de la création à tâche complète et à durée indéterminée d'un poste supplémentaire de salarié à tâche manuelle dans la carrière E suivant la convention collective des salariés à tâche manuelle de la Commune de Redange/Attert, actuellement en vigueur.

Création de différents postes pour les besoins de la maison relais

Approbation de la création à tâche complète et à durée indéterminée d'un poste supplémentaire de salarié à tâche manuelle dans la carrière E suivant la convention collective des salariés à tâche manuelle de la Commune de Redange/Attert, actuellement en vigueur.

Création d'une taxe relative à l'acquisition de plaquettes commémoratives pour le cimetière forestier

Décision de fixer la taxe pour l'acquisition de plaquettes commémoratives comportant les noms, prénoms, date de naissance et de décès du défunt reposant au cimetière forestier, à 180 €/pièce.

Introduction de tarifs pour l'organisation de la fête nationale

Décision d'arrêter la liste de prix suivante pour l'organisation des festivités lors de la veillée de la fête nationale:

| | |
|---|---|
| **Grillwurscht** | **2,00 €** |
| **Mettwurscht** | **2,50 €** |
| **Kéiswupp** | **2,50 €** |
| **Kotlett** | **3,50 €** |
| **Portioun Fritten** | **2,50 €** |
| **Taboulés-Zalot** | **2,00 €** |
| **Softdrinks** | **1,00 €** |
| **Béier** | **2,00 €** |
| **Glas Wäin** | **3,00 €** |
| **Cola-Wäin** | **3,00 €** |
| **Cocktails** | **5,00 €** |
| **Coupe Crémant** | **3,50 €** |
| **Fläsch Crémant** | **18,00 €** |

## *Allocation de divers subsides extraordinaires*

• Allocation d'un subside extraordinaire de 1000,00.- € à l'Association « Entente Jeunesse Atertdaul » ;
• Allocation d'un subside extraordinaire de 4000,00.- € à l'« Union Commerciale et Artisanale » de Redange/Attert.

## *Confirmation de règlements d'urgence pris par le collège échevinal*

• Confirmation du règlement de circulation temporaire du collège échevinal du 2 mai 2024 concernant la mise en place de mesures supplémentaires relatives au règlement temporaire de la circulation routière sur le territoire de la commune de Redange/Attert à l'occasion de travaux de réhabilitation du pont et de la passerelle cyclable à Reichlange ;

• Confirmation du règlement de circulation temporaire du collège échevinal du 16 avril 2024 concernant la circulation routière sur le territoire de la commune de Redange/Attert à l'occasion de l'exécution de travaux d'infrastructure à Redange/Attert.

## *AVIS DE PUBLICATION*
## *Urbanisme*

Il est porté à la connaissance du public qu'en sa séance du 22 février 2024 le conseil communal a adopté le projet de modification de la partie graphique du plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Redange/Attert, concernant des fonds sis à Redange/Attert, au lieu-dit « Auf Klapescht » présenté par le collège des Bourgmestre et Echevins.
Le projet de modification en question a été approuvé par Monsieur le Ministre des Affaires Intérieures le 2 mai 2024, réf. 56C/023/2023, 19712/56C.

Ledit projet est publié et affiché par la présente dans les formes prévues par la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain et en application de l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

Il est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Mention du projet d'aménagement particulier et de sa publication sera faite au Mémorial ainsi que dans le bulletin communal distribué périodiquement à tous les ménages.

*Redange, le 16 mai 2024.*
*Le bourgmestre, le Secrétaire,*

## *AVIS*

Par la présente, il est porté à la connaissance du public que la délibération du 11 avril 2024 portant fixation du prix de vente d'un livre intitulé « Kropemann-Fest und Kropemann-Theater in Redingen/Attert 2018-2023 a été approuvée par M. le Ministre des Affaires Intérieures en date du 21 mai 2024 - référence 848xc166e.

*Redange, le 6 juin 2024.*
*Le bourgmestre, le Secrétaire,*

## *AVIS*

Par la présente, il est porté à la connaissance du public que la délibération du 18 janvier 2024 portant « Décision concernant la prise de participation dans la société Wandpark Kanton Réiden S.A. » a été approuvée par arrêté grand-ducal du 8 mai 2024 et par M. le Ministre des Affaires Intérieures en date du 23 mai 2024.

*Redange, le 6 juin 2024.*
*Le bourgmestre,* *le Secrétaire,*

# *Klimapaktdag 2024*




*E Freideg, de 7. Juni 2024 war déi 12. Editioun vum Klimapaktdag am Zeeche vu Schlësselthemen wéi d'Promotioun vun der Photovoltaik, d'Dekarboniséierung vun de Heizsystemer, d'Adaptatioun un de Klimawandel an d'Circulaire Economie. Bei dëser Geleeënheet goufen 41 zertifizéiert Gemengen am Kader vum Klimapakt belount fir hir Fortschrëtter bei deene verschiddene Moossname vum Programm.*

## *Ënnert deenen 41 war och d'Gemeng Réiden/Atert.*

A Präsenz vum Ëmwelt-, Klima- a Biodiversitéitsminister Serge Wilmes an dem Wirtschafts-, PME-, Energie- an Tourismusminister Lex Delles huet dës 12. Editioun vum Klimapaktdag, dee méi wéi 230 Participanten zesummebruecht haten Lëtzebuerger Gemenge fir hir lokal Efforten am Kader vum Programm belount.

An deem Kontext kruten 8 Gemenge 40%-Niveau-Zertifizéierung (Punkten fir d'Ëmsetzungsmoossname kritt), 11 Gemenge goufen op 50% zertifizéiert (ënner anerem Réiden/Atert) a 15 anerer op 65%. Och dëst Joer kruten 6 Gemengen eng international Zertifizéierung vum Niveau «Gold» (méi wéi 75% vun de Punkte bei hirem Audit). D'Stad Lëtzebuerg krut och eng thematesch Zertifikatioun «Loftqualitéit». Zënter dem Start vum Klimapakt 2.0 am Joer 2021 hunn 87 Gemengen op d'mannst eng éischt Zertifizéierung kritt.

# Wichteg Matdeelung

*Léif Awunner aus der Gemeng Réiden/Atert,*

Heimat deele mer Iech mat dass de SIDEC (Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets) décidéiert huet d'Präisser vun den Dreckskëschten ze erhéijen, sou dass mir, als Member-Gemeng vum SIDEC, forcéiert sinn ab dem 1. Juli 2024 souwuel déi fix Jorestax wéi och déi Taxen déi ufalen fir d'Eidelmaachen vun den Dreckskëschten, un d'Präisser vum SIDEC unzepassen. Den Detail zu de Präisser deele mer Iech zu engem spéideren Zäitpunkt mat, esoubal wéi mir d'Genehmegung vun dem zoustännege Ministère dofir hunn.

Mer wëllen Iech awer gläichzäiteg och informéieren dass de Schäffen- a Gemengerot décidéiert huet déi ufalend Gemengentaxen net méi, ewéi bis ewell, am semestriellen Rhythmus (Januar + Juli) opzehiewen, ma dass ab September 2024 zousätzlech zweemol am Joer (Mäerz an September) Avancen wäerten verrechent ginn. Déi Käschten déi also bis ewell fir d'Notzen vun Drénkwaasser, Kanal an Dreckskëschten an zwou Kéieren hu misse bezuelt ginn, ginn elo op véier Kéieren opgedeelt. D'Waassercompteuren ginn weiderhin zweemol am Joer ofgeliest, d.h. dass, wat d'Consommatioun vum Drénkwaasser ugeet, zweemol am Joer en definitiven Décompte opgrond vun der Lecture vum Waassercompteur gemaach gëtt an zousätzlech zweemol am Joer eng Avance gefrot gëtt déi op enger Schätzung opgrond vun der leschter definitiver Lecture vun ärem Compteur baséiert. Wat déi fix Jorestaxen ugeet sou ännert d'Zomm vun deenen Taxen net mä déi Käschten ginn op véier Kéieren am Joer opgedeelt.

Mer wëllen Iech och nach emol drop opmierksam maachen dass Dir, wann dat vun Iech gewënscht ass, ab direkt amplaz vun der Versioun um Pabeier Är Rechnungen per e-Mail kënnt geschéckt kréien. Schreift an deem Fall eng e-Mail un eisen Service Facturation (joelle.schmitt@redange.lu) fir déi elektronesch Rechnung unzefroen. Dir kritt dann eng « Demande renonciation facture papier" gemailt déi Dir musst ënnerschreiwen an zeréck mailen. Ab dem Moment kritt Dir déi nächst Rechnungen dann per e-Mail geschéckt, mat Äusnahm vun deene Rechnungen vun der Grondsteier an deene vum Chèque-service accueil fir déi dat net méiglech ass well déi Rechnungen net op der Gemeng gemaach ginn.
Vu que dass eis Rechnungen iwwer en informatesche System vum SIGI (Syndicat Intercommunal de Gestion informatique) erstallt ginn kritt Dir d'e-Mail mat der Rechnung ënner der Form «redange@siginet.lu» zougestallt. Dir kënnt Iech selbstverständlech ëmmer op der Gemeng mellen wann Dir iergendeen Zweiwel hutt opgrond vun enger e-Mail déi Dir an deem Sënn kritt an Iech net sëcher sidd op et sech hei em eng Phishingmail handelt oder net. Passt w.e.g. och ëmmer op dass Är "Bréifboîte" net voll ass an d'Mail mat der Rechnung Iech dowéinst net kinnt zougestallt ginn a gitt w.e.g. vun Zäit zu Zäit an Äre Spam-Uerdner kucken op eis e-Mail sech net doran verstoppt huet.

Wann Dir heizou nach Froen hutt, kennt Dier Iech gären beim Joelle Schmitt vum Service Facturation per e-Mail (joelle.schmitt@redange.lu) oder Telefon (236224-32) mellen.

# Avis important

## *Aux habitants de la commune de Redange/Attert,*

Nous tenons à vous informer que, suite à la décision du SIDEC (Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets) d'augmenter les prix relatifs à la gestion des déchets nous sommes tenus, en tant que commune membre du SIDEC, d'adapter à partir du 1er juillet 2024 les taxes communales à cette hausse de prix, tant pour les taxes fixes annuelles des poubelles que pour les taxes incombant aux vidages des poubelles. Nous vous communiquerons le détail des prix dès réception de l'approbation ministérielle y relative.

Veuillez noter en même temps que, en ce qui concerne les taxes communales incombant, le collège échevinal ensemble avec le conseil communal ont décidés de rompre avec le système semestriel pour la facturation des taxes communales et d'introduire à partir du mois de septembre 2024 deux avances à payer (mars et septembre) en supplément aux deux décomptes semestriels (janvier et juillet) que vous avec reçus jusqu'à présent. Les taxes incombant à l'utilisation de l'eau potable, de la canalisation ainsi que des poubelles, lesquelles étaient à payer en deux fois jusqu'à présent seront dorénavant facturées en quatre parts. L'index des compteurs d'eau sera pris comme d'habitude deux fois par an. Au sujet de la consommation en eau vous recevrez donc deux décomptes définitifs basés sur l'index réel de votre compteur d'eau, ainsi que deux avances à payer, basées sur une évaluation de votre dernière lecture réelle du compteur d'eau. Les montants en ce qui concerne les taxes fixes à payer ne changeront pas mais ils seront facturés, pour toute une année, en quatre parts.

Finalement nous profitons de l'occasion pour vous rappeler qu'il est dorénavant possible, si vous le souhaitez, de recevoir vos factures par e-mail au lieu de la version sur papier. Pour ce faire vous n'avez qu'à envoyer une demande par e-mail au service facturation de notre commune (joelle.schmitt@redange.lu). En retour à votre demande vous recevrez une « demande renonciation facture papier » laquelle vous devez signer obligatoirement et la renvoyer par e-mail. Par la suite vos prochaines factures vous parviendront par courrier électronique. Attention : les factures incombant aux impôts fonciers respectivement à celles pour les prestations Chèque-service accueil vous parviendront toujours sur version papier ce qui est dû au fait que ces factures ne sont pas rédigées à la commune.

Comme nos factures sont établies de par un système informatique du SIGI (Syndicat Intercommunal de Gestion informatique), l'e-mail que vous recevrez avec en annexe votre facture vous parviendra sous la forme «redange@siginet.lu». Evidemment vous pouvez toujours nous contacter pour le cas que vous recevrez un courrier électronique à cet égard et que vous auriez le moindre doute qu'il pourrait s'agir d'une sorte de «Phishing» quelconque. Assurez-vous aussi à ce que votre « boîte aux lettres » ne soit pas pleine, ce qui entraînerait que le courrier électronique ensemble avec votre facture ne pourront pas être délivrés. Merci de vérifier également de temps en temps votre dossier des courriers indésirables (spam).

Pour tout complément d'information à ce sujet Madame Joelle Schmitt du service facturation de notre commune se tient à votre entière disposition, soit par e-mail à l'adresse joelle.schmitt@redange.lu, soit par téléphone au numéro 23 62 24-32.



D'Aarbechten um neie Precoce zu Réiden bei der Schwämm lafen op Héichtouren.
Den Entrepreneur ass grad am gaangen d'Fundamenter opzebauen. Am August ginn d'Containere geliwwert, fir datt pünktlech fir d'Rentrée déi nei Säll kënnen opgoen.

*Les travaux pour le nouveau précoce près de la piscine à Rédange tournent à plein régime. Actuellement, l'entrepreneur est en train de construire les fondations. Pour que le bâtiment soit prêt pour la rentrée 2024/25, il est prévu que les conteneurs soient livrés en août.*



## *Chantier Bréck zu Räichel*

Fir déi nei Vëlosbréck mam Kran ze setzen, gëtt d'Bréck zu Räichel den 30.08. (vun 22:00 Auer un) bis den 31.08. (15:00 Auer) komplett gespaart.
D'Rout Luuchte bleiwen nach bis Enn Oktober stoen.

*Le pont à Reichlange sera barré complètement du 30 août (à partir de 22 heures) jusqu'au 31 août (15 heures) en raison de la pose du nouveau pont pour vélos.*
*Les feux rouges seront maintenus en place jusqu'à la fin du mois d'octobre.*



Den neie Rond-Point zu Räichel hëlt esou lues Gestallt un. D'Aarbechte komme gutt virun a leien am Timing. Als éischt gouf den Deel nieft der Strooss gebaut, fir datt an der nächster Phas den Trafick kann iwwert dësen Deel deviéiert ginn.

Et ass virgesinn, datt vum 19.8 fir 3 Méint d'Strooss tëscht Osper a Räichel fir de Verkéier zou ass. Eng Deviatioun gëtt vun der P&Ch opgestallt. De Schoultransport an den RGTR ginn ugepasst.

*Le nouveau rond-point à Reichlange gagne de plus en plus en forme. Les travaux avancent comme prévu. Une grande partie du rond-point sera aménagée à côté de la route, afin que, dans une phase ultérieure, le trafic puisse être dévié de cette partie.*

*Il est prévu que la route entre Ospern et Reichlange soit barrée pour tout trafic à partir du 19 août, et ce, pour 3 mois. La déviation est mise en place par les P&Ch. Des ajustements seront apportés au transport scolaire et au RGTR.*



# Chantier dans les rues allée des Tilleuls, rue de Beckerich, rue de Hostert, rue Hobsteltgen et Grand-rue à Redange

## PHASE 5 - 11.07.2024 - 16.10.2024




***5ième phase : Route barrée Grand-rue (L'Inouï – Glaesener-Betz) - 11.07.2024* au 16.10.2024****
***dates approximatives suivant l'avancement du chantier**

• La Grand-rue est barrée entre la maison 67(L'Inouï) et la maison 82 (Glaesener-Betz)
• La déviation en venant de Ell se fait par la rue de l'Hôpital et la rue de Beckerich.
• L'allée des Tilleuls est ouverte pour le trafic. Des travaux se feront à gauche et à droite de la rue.
• Les conducteurs en direction de Ell, doivent prendre la déviation via la rue Vorkeilchen (< 3,5to) ou le Poteau de Hostert. (< 3,5to)

***Phase 5 : Route barrée Grand-rue (L'Inouï – Glaesener-Betz) - 11.07.2024* au 16.10.2024****
***ongeféieren Datum, jee nodeem wéi de Chantier virukënnt**

• D'Grand-rue ass gespaart tëschent Haus Nummer 67 (L'Inouï) an 82 a (Glaesener-Betz).
• D'Deviatioun aus Richtung Ell leeft iwwert d'rue de l'Hôpital an d'Biekerecher Strooss.
• D'Allée des Tilleuls ass erëm a Richtung Centre fir de Verkéier op. Et wäerten awer nach Aarbechte riets a lénks gemaach ginn.
• Ween a Richtung Ell wëll fuere, muss weiderhin Deviatioun iwwert rue Vorkeilchen (< 3,5to) respektiv den Hueschterter Poteau (< 3,5to) fueren.




***6ième phase : Route barrée rue de Beckerich (Arrêt de bus « Gare ») - 17.10.2024* au 7.11.2024****
***dates approximatives suivant l'avancement du chantier**

• La Grand-rue est ouverte.
• La rue de Beckerich est fermée pour aménager l'arrêt de bus « Gare ».
• La déviation se fait par la rue de l'Hôpital.
• L'allée des Tilleuls est ouverte pour le trafic. Des travaux se feront à gauche et à droite de la rue.

***Phase 6 : Route barrée  Biekerecher-Strooss (Busarrêt « Gare ») - 17.10.2024* au 7.11.2024****
***ongeféieren Datum, jee nodeem wéi de Chantier virukënnt**

• D'Grand-rue ass erëm op.
• D' Biekerecher-Strooss ass gespaart fir de Busarrêt „Gare" nei ze amenagéieren
• D'Deviatioun leeft iwwert d'rue de l'Hôpital.
• D'Allée des Tilleuls bleift fir de Verkéier op. Et wäerten awer nach Aarbechte riets a lénks gemaach ginn.

\- - - - - - - - - - - - - - - - - -

***Phase Finitions : plus de routes barrées - 8.11.2024* au 11.12.2024****
***dates approximatives suivant l'avancement du chantier**
• Travaux de finitions dans la rue de Beckerich, rue de l'Hôpital, rue de Hostert, rue Hobsteltgen, Grand-rue et l'allée des Tilleuls. Des perturbations dans le trafic sont possibles. Les déviations locales pour piétons vont être installées au fur et à mesure.

***Phase Finitioun : D'Stroosse sinn erëm op - 8.11.2024* au 11.12.2024****
***ongeféieren Datum, jee nodeem wéi de Chantier virukënnt**

• Finitiouns-Aarbechten an der rue de Beckerich, rue de L'Hôpital, rue de Hostert, rue Hobsteltgen, Grand-rue an an der Allée des Tilleuls. Den Trafick ka gestéiert ginn.
D'Deviatioune fir d'Foussgänger gi à fur et à mesure opgestallt.

## Administration communale
## Redange/Attert

## Vacance de poste

L'administration communale de Redange/Attert se propose d'engager

**Un accompagnateur de bus (m/f)**
**à raison de 12 heures/semaine pendant la période scolaire**
**sous contrat à durée déterminée du 15 septembre 2024 au 15 juillet 2025**
**(en vue d'un engagement à durée indéterminée à la fin du contrat)**

**Missions:**

- Accompagnement des enfants pendant le transport avec le bus scolaire
- Horaire prévu (adaptations possibles selon les besoins du service):
  Lundi, Mercredi et Vendredi de 06.55 à 08.05 heures et de 15.25 à 16.40 heures
  Jeudi et Mardi de 06.55 à 08.05 heures et de 11.25 à 12.40 heures

**Profil souhaité:**

- connaissance parfaite des langues luxembourgeoise, allemande et française;
- avoir le sens de l'initiative et de l'esprit d'équipe;
- être motivé et flexible;
- être détenteur du permis de conduire B;

**Pièces à joindre:**

- un extrait de l'acte de naissance ;
- une copie de la carte d'identité ou du passeport;
- un extrait récent du casier judiciaire (bulletins 3 et 5);
- un curriculum vitae;
- une copie de la carte de légitimation (sécurité sociale);
- une photo d'identité récente;
- une copie du permis de conduire.

L'engagement se fait sous le statut du salarié à tâche intellectuelle.

Les demandes écrites munies des pièces à l'appui sont à adresser au collège des bourgmestre et échevins de la commune de Redange/Attert, B.P. 8, L-8501 REDANGE/ATTERT, pour le **19 juillet 2024 au plus tard**.

Une première sélection sera faite sur base des dossiers, les dossiers de candidature incomplets ne seront pas pris en compte.

Redange/Attert, le 14 juin 2024

(s.) Le Collège des Bourgmestre et Echevins,

## De Réidener Geschäftsverband sicht Memberen

Léif Geschäftsleit,

De Réidener Geschäftsverband (Union Commerciale et Artisanale Redange, ofgekierzt UCAR) invitéiert Iech häerzlech, Member vun eisem Verband ze ginn, deen sech der Entwécklung vum lokale Commerce verschriwwen huet. Als Member vun der UCAR profitéiert Dir vun enger wäertvoller Ënnerstëtzung a drot dozou bäi en dynameschen an zolitte Réseau opzebauen.

<u>Firwat Member ginn bei der UCR?</u>

- Profitéiert vun eisem gemeinsamen Know-how fir Är Aktivitéit ze optimiséieren.
- Maacht mat bei gemeinsamen Reklammen/Aktivitéiten fir Är Visibilitéit ze erhéijen an nei Clienten unzezéien.
- Tauscht Iech mat aneren Händler an Handwierker aus, deelt Erfahrungen an Iddien.
- Bedeelegt Iech un den Organisatiounen an Animatiounen, déi organiséiert gi fir eise Stadkär ze dynamiséieren an Visiteuren unzezéien.

<u>Konditiounen fir Member ze ginn:</u>

- Dir hutt ee Betrib/Lokal zu Réiden oder an der Ëmgéigend.
- Dir hutt Loscht, Iech an déi lokal Geschäftswelt mat anzebannen.

Kontaktéiert eis Sekretärin, d'Joy Linden (joy.linden@hotmail.com), fir Member ze ginn, respektiv fir all Fro oder zousätzlech Informatiounen ze kréien.

Mir géifen eis freeën, Iech als Member bei eis ze begréissen an zesummen un der Réidener Geschäftswelt ze schaffen.

**NB: Trotz dem Chantier kommt Dir iwwert eng kleng Deviatioun gutt an de Réidener Zentrum.**

**Union Commerciale et Artisanale Redange**

EasyShopping zuRéiden

natur&ëmwelt a.s.b.l.
Kanton Réiden

## VULLESCHUTZ AM SUMMER
## PROTECTION DES OISEAUX EN ÉTÉ



Ënnerstëtzt och am Summer eis Vulle mat...
Soutenez *nos oiseaux durant l'été...*
... Behälter mat Waasser am Gaart verdeelen, wou Vullen a Sécherheet kënnen drénken.
*... répartez des récipients d'eau dans votre jardin, dans lesquels les oiseaux peuvent boire en sécurité.*





D'Waasser sollt reegelméisseg nogefëllt ginn, Steng am Behälter bidden zousätzlech Landefläch fir Vullen an Insekten.
*L'eau devra être rechargée régulièrement, l'ajout de pierres permettra de gagner en surface pour oiseaux et insectes.*







Versicht Grieser an ärer Wiss wuessen ze loossen, als méiglecht Vullefudder.
*Laissez pousser les graminées dans votre jardin, cela nourrit les oiseaux.*



Am Summer fidderen ass net falsch, et sollt awer net fetthalteg sinn. Sonneblummekären, Mielwierm an Uebst sinn eng Hëllef. Wichteg ass d'Fudderplazen ëmmer propper ze halen. De Fuddersilo ass méi hygienesch wéi d'Fudderhaus.
*Nourrir les oiseaux en été n'est pas faux toutefois, il ne leur faut pas de graisse, mais plutôt des graines de tournesol, des vers de farine ou des fruits à picoter. Il importe de régulièrement nettoyer les endroits de nourrissage. Les silos mangeoires sont plus hygiéniques que les maisons.*





natur&ëmwelt
Section Canton de Redange
8, rue d'Everlange L-8707 Useldange
tél. 23 630 622 - GSM 621 663 677 - jowompoc@pt.lu
**compte chèque postal LU82 1111 0528 6193 0000**

© pour Natur&Emwelt Redange, Medinger A.2024

## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

Parœcia Atertdall

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**

## D'Par ënnerstëtzt d'Schoulsak-Aktioun 2024 vum 1.7.-20.7.2024.

Aarm Kanner an Ost-Europa brauchen **1 Schoulsak / Rucksak** (a guddem Zoustand) mat **Schoulmaterial** fir an d'Schoul ze goen:

2 Hefter (normal Heisercher) · Notizblock · Lineal a Schéier
(nei) Schachtel mat 4 Bläistëfter · Gummi · 2 Bic'er
nei Stëfter an Holzfaarwen · Spëtzer · Molbuch



An och: Mutz, Schal, Händschen, waarm Strëmp, e Kuscheldéier, eng kleng Spillsaach,
1 Tut Kamellen an 1 Zännbischt mat Zähnseef. W.e.g. *kee Schokela* am Summer.

Dir kënnt all Aarten vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn.

Dir hutt awer och d'Méiglechkeet fir Geld op de Sammelplaatzen ofzeginn, fir Schoulsäck vun eis fëllen ze loossen (50 € pro Schoulsak) oder een **Don fir d'Transportkäschten** ze maachen.

**Ausserdeem sammele mir zou Olm Kannerspillsaachen, Veloen, Babybettercher mat Matratz a Gedecks, komplett Kannerkutschen, Buggys, Kannerkleeder a waarm Decken. Alles w.e.g an engem properen a gudden Zoustand. Well de Kamion just nach zou Olm oplued, biede mir Iech all déi Saachen direkt do ofzeginn. Villmools Merci fir Ärt Verständnis an Entgéintkommen.**

## Action Cartable 2024 du 1.7.-20.7.2024.

Des enfants démunis en Europe de l'Est ont besoin d'**un cartable / sac à dos** en bon état, rempli de **matériel scolaire**, pour aller à l'école :

2 cahiers (carreaux normaux), · bloc-notes · règle et ciseaux
(nouvelle) trousse avec 4 crayons · gomme · 2 bic's
nouveaux feutres et crayons couleurs · taille-crayon · cahier de coloriage



En plus : Bonnet, écharpe, gants, bas chauds, un nounours, un petit jouet, 1 sachet de bonbons, 1 brosse à dents avec du dentifrice. S.v.p. pas de chocolat en été.

Vous pouvez aussi remettre toute sorte d'articles scolaires aux points de collecte.

**Vous avez également la possibilité de donner de l'argent aux points de collecte pour remplir des cartables par nos soins (50 € par cartable) ou faire un don pour les frais de transport.**

**Nous collectons à Olm des jouets, des vélos, des lits de bébé avec matelas et literie, des landaus avec literies, poussettes, vêtements d'enfants et des couvertures chaudes. Le tout svp. en propre et bon état. Comme le camion sera seulement chargé à Olm, nous vous prions d'y amener directement tous ces articles. Merci beaucoup pour votre compréhension.**

**Sammelplaz an der Par Atertdall - Point de collecte dans la paroisse Atertdall :**
Marie Claire Rasqué 6, Hatzebierg L- 8526 Colpach-Bas Tel: 23 62 07 20 / 621 618 855

*KANNER AN FAMILLJENHËLLEF a.s.b.l.*
Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm Tel: 661 309 320
CCPLLULL LU61 1111 7038 8755 0000 RCS: F10515

All weider Informatiounen : Masseplang, Aktivitéiten, Agenda vun der Par....
sin an eisem Parbréif an um Internet: https://cathol.lu/atertdall



6. JULI
REIDENER GROTTEKICK
FIR DE GUDDEN ZWECK
F.C. PRÉIZERDAUL RÉIDEN
VS
Missioun Grottekick
Entrée minimum 10€
Weider Informatiounen :
14h00 Iessen an Gedrënks
16h00 Match
18h00 Public Viewing vun der EM
Flott Animatioun an Tombola
Terrain an der Seitert
Réiden/Atert
Wonschkutsch.lu
Dir kënnt nit kommen a wëllt en Don maachen?
LU 22 0099 7801 0133 8606


13
JULI
24
PALLENER
OPEN AIR
PINKSPACE
DASIC
ZU NIDDERPALLEN
AM SCHOULHAFF
DOORS 21H00
FOOD & SPECIAL DRINKS
D.T. Jeunesse
Niederpallen


NATIONAL MEESCHTERSCHAFT 2024
WETT RUTSCHEN
MAACH MAT!
START 03.02
3 Kategorien
7-12 Joer
Ze gewannen:
Nintendo Switch
+ Mario Bros Wonder
13-18 Joer
Ze gewannen:
iPad Apple 2022
18+ Joer
Ze gewannen:
Samsung Galaxy S23 Ultra
Info & Konditiounen
Start
03.02
Les thermes Stroossen
www.lesthermes.net
30.03
AquaNat'Our Parc Housen
www.aquanatour.lu
20.04
Nordpool Colmer-Bierg
www.nordpool.lu
04.05
Krounebierg Miersch
www.krounebierg.lu
08.06
Syrdall Schwemm Niederanven
www.syrdall-schwemm.lu
Final
13.07
Réidener Schwämm
www.reidener-schwemm.lu

**D'Bulle rullen zu Réiden a.s.b.l.**

invitéiert op hire

# Petanque Turnéier

Den 20. Juli zu Réiden am
Worré-Park 11, Grand-rue

max. 32 Ekippe mat 2 Spiller
Participatioun: 20 € pro Ekipp
Déi 16 bescht Ekippe kréien ee Sachpräis

Weider Informatiounen an d'Inscriptioun bis
spéitstens den 10. Juli
um 661929408 oder brzr@email.lu
d'Participatioun ass moies op der Plaz ze bezuelen

waarm spillen: 9 Auer
Ufank vum Turnéier: 10 Auer
gespillt gëtt bis 8 Punkten oder max. 30 Minutten
d'Halleffinall an d'Finall gi bis 13 Punkten ouni
Zäitlimitt gespillt

fir Iessen a Gedrénks ass de ganzen Dag gesuergt

GREEN.
EVENTS

RCS : F11816


D'Nojemer Musik freet sech op Äre Besuch!
GRILLFEST
NOJEM
Juli
21
Concert Apéro:
Fanfare des
3 frontières Lieler
Nomëtteg:
Concert vun der
Heischter Musik
RADIO STATION
NEW
THE CLOSING
PARTY
ab 16h




INTER TOITURE
BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Pallener
BRICOWELT
Alles fir Äert Heem.
OBERPALLEN 2 rue de Rédange Tél. 266234-1

PHILCARS
WALT REMORQUES
1A, rue Principale L8540 Ospern (Luxembourg)
Tel: +352 26 32 28 29 Fax : +352 26 32 28 30
info.philcars@pt.lu
Du Lundi au Vendredi :
8h00—12h00 / 13h00—18h00

RÉIDENER JUGENDKOMMISSIOUN



fiert mam Bus an d'

# PhantasiaLand

**Freides den 6.September**

Mindestalter 18 !
soss muss een Elterendeel matfueren

**PRÄISS: 40€ / PERSOUN**

DE BUS FIERT PÜNKTLECH MOIES UM 7:00 AUER BEI DER KIERCH ZU RÉIDEN FORT.

**Umeldung op Jugendkommissioun@redange.lu / 691 221 880**

bis spéitstens den 15 . August



## *Réidener Wanterlaf, bis elo iwwert 208 500 Euro gespend*

Ganz gut besicht war di 16. Generalversammlung vum Réidener Wanterlaf viru kuurzem an der Aula zu Réiden. Agaangs huet de President Fernand Thill sengem Komitee, dem Atert- Lycée, denen ronn 130 Leit di benevol am Asaatz waren, souwi der Gemeng Réiden mat hiren technischen Service, fir hirt grousst Engagement Merci gesoot, esou dat den Wanterlaf 2023 op et neiss e groussen Erfolleg war. Duerno huet de Sekretär Claude Conrardy di iwert 25 Aktivitéiten vum Veräin, Revue passéiere gelooss, wou de Komitee och iwert d'Joer ganz engagéiert war. Aus dem ausféierlichem Keessebericht vum Fernand Thill gong ervier, det de Réidener Wanterlaf mat Ausgaben vun ëmmerhin 27.255 Euro an 14.380 Euro un Spenden nach op enger gudder Finanzbasis berout. Dobéi gouf bemierkt, dat de Réidener Wanterlaf säit senger Grënnung am Joer 2007 bis 2023 nit manner wi 208.516 Euro u Spenden fir gudd Wierker ausgin huet. Als ganz exakt hun di zwéin Keesservisoren Louis Bokkon an Romain Sassel di perfekt Buchführung bestätigt an Entlaschtung gewährt. Och di nei opgestalten Statuten, wou verschidden Ännerungen am Detail virgelies gi sin, sin vun der Versammlung ouni Kommentar gut geheescht gin. Fir dat laafend Joer ass och e Budget vun 40. 000 Euro virgesin. Bei der Neiwiel vum Komitee sin di 4 nei Kandidaten Jérôme Feltz, Romain Hoffmann, Mario Martins an David Valent per Akklamatioun op hirem neie Posten bestätigt gin. A senger Laudatio huet de Buergermeeschter Henri Gerekens dat grousst Engament vum Komitee mat hirem neien President Fernand Thill begréisst, huet di vill Aktivitéiten iwert d'Joer ervierguewen wou och den Atert Lycée all Joer matmëcht an och de Komitee vum Wanterlaf weiderhin vun der Gemengeverwaltung gären ënnerstëtzt gett. Ofschléissend huet de Buergermeeschter di vill Spenden an all denen Joeren fir gut Wierker ënnerstrach. Zum Schluss vun der Versammlung goufen folgend Schecken mat engem Total vun 20.016 Euro verdeelt: „Trisomie 21": 10.016 Euro, vertrueden duerch de Victor Wolff an d'Jeanne Zuidberg. „Île aux clowns": 2.500 Euro, vertrueden duerch de Claude Hemmer. „Herzkrank Kanner": 2.500 Euro: vertrueden duerch d'Monique Pletschet an Carole Rommes. „ASA/Assistenzhonn/Muppeschoul" : 2.500 Euro, vertrueden duerch de Luc Schwartz. „Chiens guide aveugles" hun och 2.500 Euro iwerwisse kritt. (Text/Foto: Charles Reiser)

## COURS DE PEINTURE



pour débutants et avancés

Techniques: acrylique et aquarelle
Chaque **lundi soir** (à part des vacances scolaires) de 19h30 à 21h30 à partir du 23.09.2024
Le prix d'inscription s'élève à 100€ pour une séance de 8 cours.
Toute personne intéressé est priée de s'adresser à Madame Mado Muller-Marx tel : 691 643 125 ou par mail : mamarx70@gmail.com
Organisation : commission Culturelle de la Commune de Redange



---

## Save the date!

## Saluttiii Fausti !!!

### *Bal wéi mam Fausti*

***De 26. Oktober 2024***
***an der Aula zu Réiden***

# Kropemannsfest a.s.b.l.

### *Léif Schoulkanner aus der Gemeng,*

Wéi wir ët wann dir während der Schoulvakanz de Kropemann gëngt molen? Während de Vakanzenaktivitéiten an der Maison Relais kri dir och bestëmmt gehollef. Är schéin Biller wäerten dann um Kropemannsfest den 29. September eng flott Plaz fannen.

All Kand kritt e klenge Kado als Merci fir seng Matmaach!
*Schreift ären Numm an Adress hannendrop a gitt d'Biller virum 1. September op der Gemeng of.*

Mir, de Comité vun der Kropemannsfest a.s.b.l , soe Merci a mir freeën eis schonn op är flott Konschtwierker!

***Bei Froen vun den Elteren:***
**Monique Kuffer:** kropemannsfest@gmail.com - +352691629460

- - - - - - - - - - - - - - - - - -

### *Léif Hobbymoler,*

Am Kader vum Kropemannsfest den 29/09 géife mir gären all Hobbymoler opruffen, fir Biller mam Kropemann als Thema ze molen. Är kreativ Wierker dierfen dann um Dag vum Kropemannsfest (wahrscheinlich am Polyvalent ) ausgestallt a verkaft ginn.

Huelt är Faarwen a Pinselen eraus a loosst är Kreativitéit sprudelen! Är Biller wäerten e wichtegen Deel vun dësem Fest sinn an hëllefen, d'Traditioun vum Kropemann op eng weider flott an originell Aart a Weis ze feieren.

***Umeldung an all weider Informatiounen virum 1.August un:***
**Monique Kuffer:** kropemannsfest@gmail.com- +352691629460

Kropemanns
Fest

# Kiermes Réiden 2024

## *D'Réidener Musik kritt nei Poloen*

Am Kader vun der Réidener Kirmes huet d'Réidener Musik fir den Ofschloss vun der Kiermeswoch
een Nokiermesconcert gespillt. Bei dëser Geleeënheet kruten si nei Poloen iwwerreecht, gesponsert vun MAX-POINT vum Wandhaff, vertrueden durch den Här Maurizio Fecchi. Merci un de Maurizio fir dëse ganz flotte Geste an un de Charel Welter, deen der Musik dozou verhollef huet.

Wéinst deem net esou gudde Wieder ass et just duer gaange, dass de Charel Reiser eng Erennerungsfoto dobäusse konnt maachen.

Duerno ass dunn de ganz flotten an ofwiesselungsräiche Concert am Polyvalent, viru ronn 60 Leit, gespillt ginn ënner der Leedung vum Ernie Hammes.

No der « Kiermes am Duerf « haten d'Musikantinnen a Musikanten dann och Feierowend an de flotten Owend as ausgeklongen bei engem gudde Patt, engem gudde Maufel oder enger Ronn op de Knuppautoen.

E grousse MERCI un d'Leit aus der Musik mat hirem Chef, an un all déi, déi deen Owend am Asaz waren.



*Hei nach e puer Andréck vun der Kiermes zu Réiden. - Merci dem Charel Reiser fir seng flott Fotoen.*














BOXER
Red Bul
BOXER
BOXER

# Braderie

## zu Réiden

## 3 Deeg super Affären

**DONNESCHDES 04/07/2024**

**FREIDES 05/07/2024**

9H00-18H00

**SAMSDES 06/07/2024**

9H00-17H00

EasyShopping zuRéiden

**Iessen a Gedrénks**

**UNION COMMERCIALE ET ARTISANALE**